Politik / Kultur

Brimborium a Firlefanz

Géigenduerstellung zu der „Carte blanche“ vum Romain Durlet op RTL Radio Lëtzebuerg vum Freideg, 11. Januar 2008

Xx

Virun aacht Deeg huet sech den Här Romain Durlet an enger Carte blanche mat dem Begriefneswiesen allgemeng a mat de kiirchleche Begriefneszeremonien am besonnesche befaasst. Dobäi huet hien, niewt en etlechen Urempelungen, wéi een dat bei him gewinnt ass, eng ganz Rei Verdréiungen an Hallefwourechte verbreed, déi mir vu kiirchlecher Säit net esou kënnen am Raum stoë loossen.

Fir d’éischt ass festzehalen, dass um Kierfecht fir reliéis an zivil Begriefnësser déiselwecht Konditioune gëllen an déiselwecht Räimlechkeeten zur Verfügung stinn, nämlech Läichenhalen, déi an de vergaangene Joerzéngten vun de Gemenge gebaut oder a Stand gesat goufen an duurchaus e wierdege Kader bidden. Wou doriwwer eraus nach eng Mass gewënscht gëtt, steet dann eng Kierch zur Verfügung, "mat allem Brimborium", wéi den Här Durlet dat nennt. Et schéngt him en Dar am A ze sinn, dass dat nach esou dax de Fall ass, an hie wëll déi Situatioun, déi him net passt, einfach doduurch erklären, dass et keng zivil Alternativ gëtt, well no him déi kierchlech Zeremonien jo net emol fir 10 % vun der Bevölkerung fiabel wären an hiren Inhalt net der Meenung zäitliewens vum Doudegen entsprieche géif.

Neen Här Durlet, déi grouss Majoritéit vun dene Leit, déi fir hire Verstuerwenen eng Mass, e sougenannte Läichendéngscht wënschen, maachen dat net „faute de mieux“ oder aus Konventioun. Si maachen et, sief et well et den ausdréckleche Wonsch vum Verstuerwene war, sief et well si selwer nach méi déif am chrëschtlechen Humus vun eiser europäescher Kultur verwuerzelt sin, wéi hir gängeg reliéis Praxis dat vermudde léisst a wéi et Iech léif ass. Si maachen et och, well si beim Doud vun engem léiwe Verstuerwenen eng Transzendenzerfahrung maachen, an där all déi existentiell Froe vum Mënsch no Wouhir, Woufir a Wouhin mat enger besonnescher Wucht opbriechen – Froen, op déi Glaf a Relioun hinnen eng Äntwert bidden, déi zugläich Halt an Trouscht schenkt.

An deen Trouscht fannen si och an der kierchlecher Liturgie, déi Dir einfach als „Firlefanz“ disqualifizéiert. Ënner „Firlefanz“ liesen ech am Duden: „überflüssiges, wertloses Zeug; Unsinn, Flitter“. Ech hätt vis-à-vis vun deem, wat anere Mënschen helleg ass, e bësse méi Respekt erwaard vun engem, deen d’Toleranz op säi Fuendel geschriwwen huet. Dat Lächerlechmaache steet deem wierklech schlecht un, deen sech als de Grand Pontife vun der Laïcité ausgëtt an nach viru kuerzem an där Roll – esouzesoen am Prophéitemantel – wéi e Fantom duerch eng Televisiounssendung gegeeschtert ass, an där iwwregens d’Ruckelzegkeeten un d’Adress vun de kierchleche Vertrieder net op eng Kouhaut gaange sinn.

Mä zréck zur Liturgie. Dir sot, d’Paschtéier géifen et net emol fir néideg fannen, Reverenz op d’Liewe vum Verstuerwenen ze maachen. Dat ass eng flagrant Onwourecht. Déi allermeescht vu menge Matbridder ginn sech all erdenklech Méi, fir sech an d’Liewe vum Verstuerwenen an an d’Situatioun vun der Trauerfamilljen eranzefillen an aus deem Hannergrond eraus e Wuert vun Trouscht a vun Hoffnung ze soen, dat de Leit zu Häerze geet an hinnen Halt a Courage gëtt. Dat als „publicitaire coup vun der Kierch“ duerzestellen, ass einfach eng Gemengheet, déi all Grenze vum Anstand iwwerschreit.

Nach e Wuert zum finanziellen Aspekt, wou Är Ausféierungen nach eng Kéier vun Desinformatiounen nëmmen esou strotzen. Wou bleift do d’Informatiounsflicht vum Journalist? Et muss fir d’éischt klor gestallt ginn, dass déi Taxen, déi bei Begriefnesser a Läichendéngschter ufalen, zum allergréissten Deel net dem Paschtouer, mä denen anere Matwiirkenden (Organist, Sänger, Koschter etc.) an de Kierchefabriken zoukommen, denen hir finanziell Autonomie jo soss och eng vun Äre Suergen schéngt ze sinn. De Paschtouer selwer kritt fir d’Begriefnes 2,5 Euro, och fir d'Mass huet hie Recht op 2,5 Euro (béides iwwerléisst hie ganz dax och nach der Kierchefabrik). Dir mengt, dat wären iwwerdriwwen Honoraire bei „vollwäertege Staatsbeamtegehälter“, wéi Dir sot. Däerf ech Iech beléieren, dass déi Vollwäertegkeet ganz relativ ass, well d’Klerusgehälter am Duerchschnëtt ëm zwee bis dräi Graden ënnert deem leien, wat Staatsbeamte bei derselwechter Zuel vun Ausbildungsjoren op der Uni, duerch en offiziellen Unisdiplom sanktionéiert, verdéngen? Wuel verstan, mir beschwéieren äis net, mä et soll ee bei der Wourecht bleiwen.

Dat gëllt och fir de Fall, wou eng Mass op méi Intentioune gehale gëtt, wéi dat dax bei de Sechswochen- an de Joermassen virkënnt. De Paschtouer dierf duerfir nëmmen een Honoraire entgéinthuelen, also 2,5 Euro. Déi aner Honoraire muss hie weiderreechen un aner Geeschtlech, meeschtens an de Missiounen, déi da fir déiselwecht Intentiounen déi néideg Zuel vu Massen halen an zum Deel dovu liewen. Vun Asäckele vu Schwaarzgelder kann also keng Rieds sin. Villméi ass et eng Form vu Solidaritéit mat der Drëtter Welt, wou muenchereen sech iwwerhaapt bei der Kierch

nach en déckt Stéck kënnt erofschneiden.

Här Durlet, ech ka mer et net verbäissen, menger Satisfaktioun Ausdrock ze ginn, dass Dir als Präsident vum Groupe de travail laïcité-tolérance Är Demissioun ginn huet. Ech verbannen domat d'Hoffnung, an Ärem Nofolger en Interlocuteur ze fannen, mat deem en Dialog a géigesäitegem Respekt an an Toleranz, um Buedem vum gemeinsamen Humanismus, méiglech ass.

Mathias Schiltz

Generalvikar

#

Dieser Text ist urheberrechtlich geschützt.

Verlag: Luxemburger Wort Publikation: Luxemburger Wort
Ausgabe: Nr.15 Datum: Freitag, den 18. Januar 2008
Seite: Nr.26